**Ligue «Ons Jongen»**
**SECTIO'N DIDELENG**

Dideleng, de 7. März 1949.

# Offene Bre'f

vun der Ligue «ONS JONGEN», Sectio'n Dideleng
un all Sectio'nen vun der Ligue «ONS JONGEN».

Komeroden!

Op Grond vun dénen seit der leschter Assemblée Générale am Central Comité herrschenden Zo'stänn, mat dénen d'Sectio'n Dideleng önnert kèngen Oemstänn averstânen ass, huet sie sech erlâbt nostoende **Bre'f de 15. Dezember 1948** un den Central Comité ze richten:

«Den önnerzéchneten Comité vun der Ligue «ONS JONGEN» Sectio'n Dideleng, délt dem Central-Comité mat, dass hien mat dénen jetzigen am C. C. herrschenden Zo'stänn nöt averstânen ass!»

«Betr. C. C. Wahlen an der leschter Assemblée Générale wösse mir haut no èngem Mo'nt emol nach nöt, we' d'Chargen am neien C. C. verdélt sin, un e Rapport nöt ze denken.»

«U Rapport'en, Circulairen an Uweisongen si mir iewerhapt nöt me' gewinnt an dén neien C. C. schingt dé vum âlen C. C. ageschlôene Wé mat gro'sser Iwerzégong weider ze gôen.»

«Als Ersatz fir dat fanne mir dann an onse Parteizeitungen, an onhémlechem Zo'huelen, we' én dém aneren vun onsen C. C.-Memberen de' gre'sst Gemènghéten un de Kapp schleidert.»

«Dat mâche mir Didelenger nöt me' mat!!!»

«Wann önnerhalb èngem Mo'nt dât Ganzt nöt change'ert hut, an d'Ligue «ONS JONGEN» mat neien Directiven ze fâssen an ènger schnellstens ageruffener Assemblée Générale extraordinaire, zereck op dén âle Wé bruecht göt, dann désolidarise'ere mir ons vum Central-Comité.»

«Als Optakt duerzo' gi mir ab sofort kéngerlé Berichter me' un dé jetzegen C. C. an ons gro'ss Propagandaactio'n fir ons Zeidong so'fort ofgestoppt.»

«Mir bieden lech ons dese Bre'f postwendent ze bestätegen.»

---

Nodém mir bâl zwé Me'nt op èng Aentwert gewârt hun, de' nach bis haut nöt agetraff ass, huet d'Sectio'n Dideleng et als sèng Pflicht ugesinn dem Central-Comité hire Bre'f ze rappele'eren, an den C. C. ze bie'den onsen e'schte Bre'f mat dem nostoenden **zwéte Bre'f vum 5. 2. 1949** an onser Zeitong ze publize'eren.

Hei ons zwèt Schreiwes:

«Bis haut de 5. 2. 1949 go'w ons dese Bre'f nach nöt bestätegt, eng Aennerong am C. C. huet sech nach nöt erwisen, als énzeg Norîcht aus dem C. C. krute mir de Rapport vun der Assemblée Générale des Délégués vum 21. 11. 48, also bâl 2 Me'nt duerno. Dese «Rapport» ass nöt emol e Rapport, well wât doranner stéht ass eso' weit ewech vun dém wât an der Assemblée Générale lass wor we' Letzeburg vun Honolulu. Duerge'nt huelen we' et schingt d'Gehessegkéten am C. C. vu Sötzong zo' Sötzong zo'. An iewerhâpt, sinn nach C. C.-Sötzongen??? — a wât göt do gespillt??? — Mir wössen et jo nöt well mir kre'en kén offiziellen Rapport.»

«Oennert dénen Oemstänn gesin mir Didelenger d'Ligue «ONS JONGEN» als onôfhängech, neutral Verénegong mat Rieseschrött dem Oennergank zo' goen. Mir mâchen fir des Zo'stänn dé jetzegen C. C. voll a ganz responsabel.»

«Well nun de Comité vun der Sectio'n Dideleng et nöt ka mat sèngem Gewössen, vis-à-vis vu sènge Memberen an de Komeroden aus dem Land vereinbaren, dass d'Ligue «ONS JONGEN» eso' soll verlo'deren, mâche mir den Opruff un d'Sectionen sech mat ons ze solidarise'eren, èng nei Assemblée Générale Extraordinaire des Délégués ze fuerderen an déer en neien C. C. zesummen gesicht göt, dé sech nés we' fre'er, a komerodschaftlecher, oprichtiger Arbecht, Hand an Hand mat de Sectio'nen, fir d'Interesse vun «ONS JONGEN» voll a ganz asetzt.»

«Mir hoffen, dass de' âner Sectio'nen d'Gefoer de' d'Ligue bedrè't erkennen, d'Sectionen de' nöt au courrant sin sollen sech bei ons renseigne'eren, an an èngem gro'ssen Élan, alleguer zesummen d'Ligue «ONS JONGEN» nés zereck op dén âlen komerodschaftlechen a solidareschen, neutrale Wé brèngen.

VIVE D'LIGUE «ONS JONGEN».

De Comité vun der Sectio'n Dideleng.

Och dese Bre'f go'w ons weder beäntwert nach an onser Zeitong publize'ert. De Komerod Wohlfart go'w lédeglech vum C. C. charge'ert sech mat der Sectio'n Dideleng a Verbindong ze setzen. Leider könne mir ons mat den Ausfe'erongen vum Kom. Wohlfart nöt zefridde ginn, well och sie ké klo'ert Bild iwert d'Situation önnerhalb vum C. C. ginn, mais au contraire beweisen we' offiziell **an inoffiziell** Rapport'en sech widdersprie'chen a we' d'Arbecht am C. C. önnert dénen ondenkbar schlechsten Oemstänn gefe'ert göt.

Fernerhin go'we mir gelégentlech ènger Sötzong vun onsem Comité d'Organisation vun onser Soirée vun de Komeroden Gremling, Fandel a Wohlfart ge'nt Schluss vun deser Sötzong förmlech iwerrascht de' sech zwecks Aussproch bei ons afondt haten. Leider konnte mir och mat hinnen zo' kènger Énégong kommen.

An duerfiir froe mir:

1) Wat ass mam Komerod Bochet Albert, Léder vun onser Zeitung lass? ? ? — Wat sinn d'Grönn a wat sinn de' richteg a wo'er Grönn vu sènger Entlossong? ? ?

2) Ass et wo'er, dass ons Zeitong an e'schter Zeit hirt Erschengen astelle soll aus finanzielle Grönn? Wie'n dre't d'Schold un eso' ènger Ongeheierlechkét?

3) Fir wat démissionne'eren C. C.-Memberen a wivill hun démissionne'ert?

4) Herrschen am C. C. démokratesch oder diktatoresch Methoden?

5) Ass et wo'er, dass de' lescht C. C.-Wahlen gefälscht go'wen?

6) Ass et wo'er, dass e gewössenen Fernand Georges, nöt Member vun der Ligue, entschédenden Undél un der Entlôssong vum Kom. Bochet hât? Wo' ginn also eso' Décisio'nen getraff o'ni dass d'Délégue'erten gefrot ginn?

7) Virwât weigert den C. C. sech an ènger vun ons gefuerderter Assemblée Générale des Délégués Rie'd an Aentwert ze stoen?

Komeroden!

Mir froen iech, sinn des Fro'en, e puer önnert âneren, nöt wichtig genuch, fir dass all Ligue's Member Opklärong verlânge kann.

D'Sectio'n Dideleng bestéht op hirer Fuerderong a verlângt so'fort èng Assemblée Générale anzeruffen. Mir sinn iwerzégt dass all Sectio'n an dem selwechte Sönn ons Fuerderong önnerstötzt hir Verantwortung vis-à-vis vun alle Memberen vun der Ligue iwerhöllt, fir des Fuerderong antrött an onbedéngt hir Délégue'ert an des Assemblée scheckt.

Wann dir mat ons averstâne sitt, da scheckt nostéhenden Ofschnett bis spe'tstens den 18. März 1949 un folgend Adress:

LIGUE «ONS JONGEN»

p. a. Roger Schmitt

DUDELANGE

38, rue de la fontaine, 38

Komeroden, et géht öm onst Wierk, et géht öm «ONS JONGEN».

**De Comité vun der Sectio'n Dideleng.**

---

Desen Ofschnett ass bis spe'tstens den 18. März 1949 ze schecken un:

LIGUE «ONS JONGEN»

p. a. Roger Schmitt

DUDELANCE

38, rue de la fontaine, 38

*D'Sectio'n* ........................................................

*huet Kenntnes geholl vun den Uregongen vun der Sectio'n Dideleng a wönscht èng schnellstens ageruffen ASSEMBLÉE GÉNÉRALE EXTRAORDINAIRE DES DÉLÉGUÉS.*

*Fir de Comité:*

(Stempel) (Oennerschreft)